N°4893
Reçue le
24/08/2021

Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 8/24

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 24. August 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weider ze leeden.

Déi lescht Zuelen a Statistiken zur Kriminalitéit an Delinquenz am Grand-Duché huet den Här Minister zesumme mat de Responsabele vun der Police Enn Mäerz dëses Jores presentéiert.

An de leschte Wochen huet een awer den Androck datt et virun allem zu enger ganzer Rei Iwwerfäll am Dag komm ass.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann den Här Minister eis detailléiert Zuelen zur Evolutioun vun der Kriminalitéit an Delinquenz hei am Land säit Mäerz 2021 ginn, opgeschlësselt no der Aart vun de Strofdoten, de Stied, de Gemengen an de Regiounen am Land?
- Wann nee, aus wéi enge Grënn sinn dës Zuelen net disponibel?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten